Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Cliärref, den 12. Januar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Verkéiersminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Was der neue Kurs beim Verbrennerverbot für Kunden und Autofirmen bedeutet*", deen den 12. Januar am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, gëtt drop verwisen, datt esouwuel d'Hierstellerfirme vun Autoen, esou wéi och Händler, besonnesch Elektroautoen dacks op sech selwer umellen, an domat d'Statistike verzerren. Op Däitsch schwätzt ee vu sougenannten "*Eigenzulassungen*". Esou wéi och an der internationaler Press ze liese war, entscheeden sech déi verantwortlech Acteuren dacks fir dee Wee, fir entspriechend EU-Ëmweltvirgabe rechneresch kënnen ze erfëllen. Dacks ginn d'Autoen duerno als Occasioun verkaf. Zu Lëtzebuerg hu mir zwar keng eegen Hiersteller, mee trotzdeem eng Rei Händler vun deenen ënnerschiddleche Marken.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

1) Ass dee Phenomen, datt d'Händler Autoen op sech selwer umellen och hei am Land bekannt? Falls jo, kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi d'Zuele vun de Gesamtzouloossunge vun 2015 bis 2025 no der Aart vum Motor, no der Mark souwéi privater, betriblecher an ëffentlecher Umeldung regruppéiert, a fir déi betriblech Zouloossungen all Kéiers d'Zuel vun den Umeldungen op d'Händler preziséieren?
2) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi weist, wéi vill Occasiounen déi virdrun als "Eigenzulassung" ugemellt waren, vun 2015 bis 2025 zu Lëtzebuerg verkaf goufen, an dës no der Aart vum Motor souwéi der Mark regruppéieren?

Mat déiwem Respekt,

Michel Lemaire
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire** **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**